| Gesellschaft | Zukunft | Party |
|---|---|---|
| **verschidden Kulturen** –<br>op den Spueren vun; op Héichtouren | **Aarbechtsfeld** – Held; Geld | **Alkohol** – Nordpol; Stol (Stahl) |
| **Inclusioun** - Fusioun | **Familljeliewen** – ierwen; Geld ophiewen; säin Liewenslaf wiewen[1] | **Spaass** – Gas, Gas ! |
| **Zesumme liewen** – en Äerdbiewen; een Tabu ophiewen | **onkloer** – Joer; an d'Joren komm; Hoer; Gefor; moer (mager); Stoa[2] | **Drogen** – Monolog; Logan (den Film- Charakter) |
| **Individuum** – perpetuum mobile; Knätschgumm[3] | **Virstellung** – Ootmung; Prellung, z.B. Rëppeprellung | **Kollegen** – muss een fleegen |
| **Virurteeler** – Feeler; Heeler (der Heiler); Seeler | **Schicksal** - „das letzte Abendmahl"; op der Sich nom hellege Graal | **Oflenkung -** Verrenkung |
| **Meenungsfräiheet** – Leed (das Leid) | **Angscht** | **Sueverschwendung** - Fernsehsendung |
| **ustrengend** | **Gesondheet** – Leed; Freed | **seng Zäit genéissen** – den Vull ofschéissen |
| **een deen aneren respektéieren** – en Gespréich féieren | **Freed** - „Et geet." / „Ca va..." | **Danzen** – insgesamt / am groussen Ganzen |
| **Stress** – 'What a mess!'; Konfessioun, 'Guess what!' | **Léieren** – sech verkéieren | **ze deier** - Feier; ongeheier; Mënsch Meier; ëmmer déiselwecht Leier; Geier |
| **Ausgrenzung** - > Grenz | **glécklech sinn** – geschécklech sinn | **Fräiheet** – breet; broadway; den Heed; op d'Heed Blummen plécken goen, z.B. |
| **jiddereen** – Been → Vilfalt; anescht sinn; Steen; jiddereen an och keen; duerch den Reen | **pervers** - kontrovers | **Extas** (condition of being ecstatic about sth.) – Plexiglas |
| **Wäerter + Normen** – Brainstormen; Pressen an Formen, an Formen pressen; | **onsécher/Onsécherheet** – Lächer; Schoulfächer | **sozial** – kal; Bass du bal?? - normal; asozial; de Bal; an der Hal |
| **Politik** – Usb-Stick; den Hick hunn; strik-t | **modern Technik** – | **Lloret** – Sorbet; sorry; Story; sou brätsch wéi |

1 Lëtzebuerger Online Dictionnaire. **Stéchwuert:** *wiewen.* https://lod.lu/?WIEWEN1, fir d'lescht den 20.10.19 beroden.
2 DUDEN. Stichwort: *Stoa*. https://www.duden.de/rechtschreibung/Stoa
3 Lëtzebuerger Online Dictionnaire. **Stéchwuert:** *Knätschgumm.* https://lod.lu/?KNATSCHGUMM1, fir d'lescht den 20.10.19 beroden.

| | | |
|---|---|---|
| | Adrenalin-Kick | Gromperepüree |
| **Rassismus** – Bus; Kuss-> Een Kuss fir den Bus ?? | | |




Bild 1. Der kreative Prozess. Quelle: Schlicksupp, H.: Innovation, Kreativität und Ideenfindung, 6. Auflage, München 2004.

Screenshot vun folgender Websäit gehuel (am 2. Band vun Erziherinnen an Erzieher steet och eppes do driwwer dran):

QZ-online.de. **Soft Skills – Methodische Kompetenz. Der kreative Prozess.** https://www.qz-online.de/qualitaets-management/qm-basics/soft_skills/methodische_kompetenz/artikel/der-kreative-prozess-272125.html, fir d'lescht den 20.10.19 beroden

***Remark:***

D'Tabell op der Säit virdrun soll iech Iddien fir Reimer ginn. Deen Artikel ass interessant fir eppes iwwert den kreativen Prozess gewuer ze ginn.

Hei nach kuerz zu der Method vum Reimen:

Extrait  aus mengem Lidd „OP DER KNUPP“[4] (Waisenraim)

„Uewen um Feld huet et geschellt,  **A**
d'Receptioun wor sou just besat,  **B**
et läit mir op der Hand, informéiert den Client,
meng Ënnerschrëft kënnegt eng Hitparade - un, noe **[sic! -> one]** Hit,  **B**
en Coup de Gras fir den Mais-Staat,  **B**

Well dat wat Ech mir agebilt hunn,  **C**
stellt all Lëtzebuerger Zoossiss kal,  **D**
1* Dauerfrascht fir en Wiessel an eiser Gesellschafts-Pyramid,
schliisslech gëtt et ëmmer méi hot (dobaussen)  **C**
an mir méi (an)al.“  **D**

- > En Reim kann och mol anescht geschriwwen sinn vun der Endung hir, soulaang enn et hikritt bm Sangen härno d'selwecht kléngen ze loossen. Heiansdo reimen Ech och nët op alles, muss een jo och nët.

Extraits aus mengem Lidd „Räps-Song“[5]

„Garçon, ech hunn en Flashmob an der Zopp! *-> Associatioun an Metapher*  **A A**
-Ma dann sprang t eran. Et as nie ze spéit, sou sot meng Mamm.  **B ; C**
Gaarden aarbecht soll erléisen d sinn, sou duet den Candide,  **D**
Jo nawell, duet ech och, hätt sie nët déi Kürbissen ugesat,  **C**
Sie kennen der Däiwel keng Regelen; fir déi ze iessen brauch een schonn en Guide.“ **D**
[...]

4 Gangolf, J. GOJO'S LAIR OF POEMS. Prosa. Lëtzebuergesch. https://docs.wixstatic.com/ugd/beea7d_408d1a28dbae49c4b57fb3e1b9b7287f.pdf, fir d'lescht den 20.10.19 beroden.

5 Gangolf, J. GOJO'S LAIR OF POEMS. Prosa. Lëtzebuergesch. https://docs.wixstatic.com/ugd/beea7d_a7eb4fa3f0ac4ab395958854d34c8bcf.pdf, fir d'lescht den 20.10.19 beroden.

**„Mäin 1. Smartphone**

An wéi man ech dann elo en Snapshot, Snapshot? *-> Ulehnung un dem Eminem säin Rap God*
Du läis gären am Trend, dobäi lees du dech just an d ‘Ketten. ***- > hei reimt lo direkt näischt, ass awer och keen Drama, et ass trotzdem Poesie.***
Haaptsaach en fetten Design mee keng Fonktioun. – Ma sief nët sou pragmatesch, **A**
Grouss an flaach, sou muss sie sinn deng Relioun, deng Rieden sollen ekstatesch, **A**
Wat sot dir? Dat kléngt alles wéi eng Mëlechkou op Ecstasy?? **B C**
- Ma näischt as d’Basis vun Allem, et existéiert näischt ouni näischt, alles oder näischt? *-> Philosophesch däerf een och mol ginn.*
Dir décidéiert wou dir wëllt higoen, all Weer sin äer, et gët ëmmer eng Richtung, **D**
Och am déifsten Bësch? **C**
Jo, sou guer den Harry Potter fënnt do eng Lichtung“ **D**

*Dat hei ass lo en Beispill, wou Ech méi komplex Associatiounen gemaach hunn; fir och ze weisen dat een senger Fantasie fräien Laaf kann loossen, nom Motto wat méi verréckt wat besser. Wéi dir gesidd, kann den Reim op 3/4 vum Saz stoen, dat ass iech och fräi iwwerlooss, soulaang et an deem ganzen Paragraf eng Kéier reimt ;-) .*

Reimschemata, jeweils mat Beispill - Versen:

Déi Schemata kann een séch iwwert e puer Zeilen strecken loßen oder halt an enger Zeil benotzen, wéi dir iech grad fillt a wéi et mat der Inspiratioun steet.

- ABAB
- ABBA
- AABB

Weiderféierend Literatur: **https://wortwuchs.net/reimschema/**

Extrait aus „Räps – Rap-Songs“: (Schweifreim)

„schneiden rit duerch d ‘Blieder eran an d ‘Wäifässer, **A B**
Do leien sie all dran: **A**
Vum Professer an der Oenologie bis bäi den Jemp vun Knapphouschent, **B**
Sie hunn et all erkannt: All Wäin huet seng Nout, **C**
Genéissen kann d ‘Famill déi Fläsch nach nom eegenen Doud,“ **C**

Extrait aus „Op der Knupp“: (Schweifreim + Umarmender Reim)

Uewen um Feld huet et geschellt, **A A**
d'Receptioun wor sou just besat, **B**
et läit mir op der Hand, informéiert den Client,
meng Ënnerschrëft kënnegt eng Hitparade - un, one Hit, **B**
en Coup de Gras (vun grâce) fir den Mais*-Staat, **C C B**

Extrait aus „Et ass nees souwäit“ - 3. Strof: (??)

Jo, hei kënnt den Virus, en Pop-up op Windows Explora', **A**
Ora et labora, jhust ouni Feier, well mir schaffen haart, **A A B**
nëmmen déi Haart kommen an den Gaart!! **B**

Extrait aus „Bam Bam aka. Saturday Night Fever“: (Haufenreim)

Hei eng Strëmp, do en Kalzong, **A**
bis Ech mol en puer zesummen hunn,
sinn d'Schwaarz Witfraen[6] schon laang brong **A**
Den Tirang virum Gesiicht,
d'Baguette am Mond. - „Ma waart, et läit mir op der Zong.“ **A**

---

6 *zu den 'black widows', cf. Afghanistan -> amplaz Bam Bam!; Kabumm!!...*

## E puer rhetoresch Stilmëttel fir är Sätz ze würzen:[7] [8]

**Umierkung:** *Ech benotzen hei eegen Beispiller fir déi rhetoresch Stilmëttel duerzestellen, vu que dat Ech keng Autorerechter op dem Superjhemp seng Wierker an hirem Inhalt hunn. Wann dir d'Beispiller aus den Superjhemp-Comics wëllt gesinn, rentéiert et sech d'Ausstellung kucken ze goen. Se ass iwwregens gratis an zu Miersch (am nationalen Zentrum fir Literatur). D'Ausstellung streckt sech iwwert 4-5 Raim, woufir dir kënnt 1 Stonn arechnen (au moins pour les lecteurs assidus ;-) )*

Déi Lëtzebuergesch Definitiounen vun deenen Stilmëttelen hunn Ech tel quel, wéi si an der Ausstellung ze gesinn sinn, hei kopéiert (huet och keen Wäert, sech d'Liewen onendlech komplizéiert ze maachen :-D)

D'Stilmëttel, déi mam Stär (*) markéiert sinn, stamen vun der Websäit aus der Foußnout Nr. 7.

*Am **Glossar** fannt dir technesch Wierder aus deenen Definitiounen erkläert.*

*P.s.: Erféiert iech net, Ech hunn eng Rëtsch vun deenen Stilmëttel och nach ni gehéiert... :-p*

7 wéi gesinn an der Ausstellung „De Superjhemp ënnert dem Röntgenbléck“, am CNL zu Miersch. Zum Event: https://cnl.public.lu/fr/agenda/expositions/20190/11/expo_superjhemp.html, fir d'lescht den 22.12.19 beroden.

8 Rhetorische-Mittel.net. Rhetorische Mittel Liste: Wichtige Stilmittel in der Übersicht. https://rhetorische-mittel.net/wichtige-stilmittel-liste/, fir d'lescht den 22.12.19 beroden.

**Akronym** – Def.: „Beim Akronym ginn déi éischt Buchstawe vun all Wuert hannertenee geschriwwen."

Beispill (Bsp.): M.O.I.E.N. : **M**inistär fir **O**nstëmmegkeeten an **I**nternational **E**xplosiv **N**eiegkeeten. (selwer erfonnt)

**Alliteratioun:** hannerteneen gesaten Wierder mat gläichen Ufankslauter.

Bsp.: „Ech sëtzen um Hënner, dobäi hënnert méch den Sëtz." *(Gangolf, J. Bamm Bamm)*

*„Et wor mol en Ass an der Abtei Neimënster, deem séng Wierker d'masse vum Amboss*
bestëmmt huet. Eng masse critique déi hien an d'Luucht gehuewen huet, ..." *(Gangolf, J. Eppes Neies)*

„een Ablack, zwee Abléck an Bléck Suergen ..." *(Gangolf, J. Agedréckt Andréck)*

**Alogismus** – Def.: „En Alogismus ass eng logesch oder grammatikalesch onsënneg Verbindung."

Bsp.: „– gitt mir Schocklasmousse, Ech ginn Iech Béier_wéi fréier versteet séch; mat Happ an Malz, wann och vun Tuuten a Blosen näischt verstan." *(Gangolf, J. Eppes Neies)*

„schliisslech gëtt et ëmmer méi hot (dobaussen) an mir méi (an)al." *(Gangolf, J. Op der Knupp)*

„Den Sound ass am Haus, wëll eraus, kënnt nët raus, ..." *(Gangolf, J. Eppes Neies)* ; Alogismus + Alliteratioun

„Mir brauchen keen Zocker am Kaffi, dofir méi Mëllech an der Windschutzscheif." *(Gangolf, J. LTPespresso)*

„Keng Hoer op der Broscht, dofir all op den Zänn,..." *(Gangolf, J. Et ass nees souwäit)*

**Ambiguitéiten** – Def.: „entstinn duerch Variatiounen vun Wierder oder Deeler vu Wierder oder doduerch, datt bildlech Bedeitunge wiertlech geholl ginn. Iwwert phonologesch oder orthographesch Variatioune kënne Wierder méi Bedeitunge kréien."

Bsp.: Mee keng Angscht, ech sinn net geféierlech, just en "Serial-Spiller", *(Gangolf, J. Räps / Rap-songs)*

| |
|---|
| Den Plural vun „Phänomen“ ass „Phenomänner“, wat bleift ass den Stänner. |
| **Anapher*:** Wuert-Widderhuelung um Ufank/Enn vum Saz/vum Vers oder am Ufank vun Sazdeeler.<br><br>Bsp.: Ma näischt as d’Basis vun Allem, et existéiert näischt ouni näischt, alles oder näischt? *(Gangolf, J. Räps / Rap-songs)* |
| **Antithese*:**<br><br>Bsp.: „Alles muss mee keen wëll“ *(Gangolf, J.* |
| **Bathos** – Def.: „Beim Bathos gëtt e méi héije Wäert engem méi nidderege géigeniwwer gestallt.“<br><br>Bsp.: „Ech hunn schonn vill Mënschen falsch ageschat; um Fong woren si manner domm wéi Ech et ufanks duecht. An du koums du: däin Niveau ass sou déif dat en dem Mariannegruewen als déifsten Plaz op der Welt Konkurrenz mécht.“ (selwer erfonnt) |
| **Homophoner** – Def.: „Homophoner si Wierder déi gläich oder bal gläich kléngen, awer eng aner Bedeitung hunn.“<br><br>Bsp.: „Succès bruet, Succès brut, ...“ *(Gangolf, J. Eppes Neies)*<br><br>„eng weider Schicht am Stollen, tëschent den Däitschen an den Pollen,...“ -> Pollen, op déi een allergesch kann sinn, an Polen, d'Nationalitéit (*Gangolf, J. Et ass nees souwäit*) |
| **Hyperbole***: Iwwerdreiwung<br><br>Bsp.: „sou breet ze lafen wéi d'Niagara-Fäll“ *(-> Gangolf, J. En Häerz aus Steen.)*<br><br>„Alles dréint sech, um Zuelen; Nëmmen den Kapp deen bleift stoen:“ *(Gangolf, J. Räps - Rap-Songs)* |
| **Inflektiv** – Def.: „Beim Inflektiv gëtt kee Geräisch nogemaach, mee een onflektéiert Verb geholl fir eng Aktioun ze beschreiwen.“<br><br>Bsp.: Méi – Méi – Raséier – Raséier – Wäsch – Wäsch – Botz – Botz – Dréck – Dréck - |

| |
|---|
| **Ironie*:** eng Ausso, déi eppes ganz Anescht, respektiv den genauen Géigendeel vun deem ausdrécken soll, wat si no baussen hinn duerstellt.<br><br>Bsp.: |
| **Klimax*:** Steigerung vun schwaach op staark<br>Bsp.: An d'Wierder sinn ageschloen: wéi Reendrëpsen, wéi Glëtz, wéi Bommen. |
| **Litotes*:** Ënnerdreiwung, duebelt Negatioun oder d'Negatioun vum Géigendeel<br><br>Bsp.: „och mol eng Kéier matnetfonktionnéieren, ...“ *(Gangolf, J. Agedréckt Andréck)*<br><br>„Immobiliteitspak“ (Titel) *(Gangolf, J. Immobilitéitspak)* |
| **Metapher*:** bildlech Duerstellung<br><br>Bsp.: „fir der Regierung op den Stoußzant ze fillen,...“ (Gangolf, J. Eppes Neies) + Synekdoche??<br><br>„hëlt dech den Zuch – op d ’Schëpp,“ *(Gangolf, J. Agedréckt Andréck)*<br><br>„seng Gefiller duerch den Kaffi zéien,...“ *(Gangolf, J. Agedréckt Andréck)*<br><br>„eng Route Barrée am Verstand,...“ *(Gangolf, J. Et ass nees souwäit)* |
| **Neologismus*:** Schafung vun neien Wierder<br><br>Bsp.: „„just en “Serial-Spiller”...“ *(Gangolf, J. Räps - Rap-Songs)* |
| **Onomatopoesie:** Lautmolerei; Geräischer ginn an Wierder gefaaßt<br><br>Bsp.: „an et gëtt eng Zopp – Plopp! – plopp!“ *(Gangolf, J. Agedréckt Andréck)*<br><br>„Ruu-mmm-ouer Ruuuum-Ruuuum-Ruuuuuu-m-mouer, Rhum-Ouer,“ *(Gangolf, J. Agedréckt Andréck) (soll d'Motorgeräisch vun engem Auto* |

| | |
|---|---|
| *nomaachen, bäi deem de Chauffeur Gas gëtt)*<br><br>„Woooosh ! Do koum den Stroum iwwert den Amazonas erof;...“ *(Gangolf, J. Häerz aus Steen)* | |
| **Oxymoron:**[9] eng Kombinatioun aus séch widderspriechenden Begrëffer<br><br>Bsp.: „Zäit fir eng kleng Randonnée pédestre mam Auto - ??“ *(Gangolf, J. Op der Knupp)* | |
| **Paradoxon*:** eng widdersprëchlech Ausso, oft mat enger méi héicher Wourecht<br><br>Bsp.: „jo mir verstinn dat mir et net verstinn...“<br><br>„Keng Aarbecht dofir en CDI mam Doud,...“ *(Gangolf, J. Bam Bam)*<br><br>„Keen Liewen, dofir eng X-Box-Manette an den Hänn.“ *(Gangolf, J. Bam Bam)*<br><br>„Wielt eis, mir kënnen nët méi retro-aktiv ginn!“ *(Numm vum Wierk gëtt hei nët genannt.)* | |
| **Parallelismus*:** Sätz oder Stécker vun Sätz mat engem symmetreschen Opbau<br><br>Bsp.: „Mir gesinn Schwaarz an iessen Roud, mir schwätzen Roud an hätten gären Gréng,...“ (Gangolf, J. LTPespresso) | |
| **Paranomasie** – Def.: „Bei der Paronomasie leie Wierder vum Klang hir no beieneen, gehéiere semantesch oder etymologesch awer net zesummen.“<br>Bsp.: „en Coup de Gras“, amplaz engem Coup de grâce *(Gangolf, J. Op der Knupp)*<br><br>„eng Rumm, en Frame“ *(Gangolf, J. Eppes Neies)* | |
| **Parodien / Phraseologismen**: | |

9 Wortwuchs. Oxymoron. https://wortwuchs.net/stilmittel/oxymoron/, fir d'lescht den 23.12.19 beroden

| |
|---|
| Bsp.: (wou d'Routkäppchen sech tëschent der Masse vun rouden Luuchten nawell gutt virun der Wollef-Invasioun aus der Wallonie verstoppen kéint). *(Gangolf, J. Immobilitéitspak)*<br><br>„Den Jackie Chan mat Borat gemëscht" *(Gangolf, J. Räps - Rap-Songs)*<br><br>„Oh wat as d'Liewen dach sou sauer mat Mousel;..." *(Gangolf, J. D'Sich nom hellegen Graal)* |
| **Permutatiounen** – Def.: „Bei Permutatiounen ginn Sproochelementer ënnerschiddlech kombinéiert."<br><br>Bsp.: Moien, Ech sichen no e puer neien Schong. [...] Ah nee, déi doten si mir ze grouss. Keen Problem, dann bréngen Ech Iech e puer Kannerschong. (selwer erfonnt) |
| **Personnifikatioun*:** Vermënschlechung vun enger Saach.<br>Bsp.: „d'Ierdbieren hunn d'Banannen op d'Palm bruecht, den gudden Wëllen as lass,..." (Gangolf, J. Et ass nees souwäit)<br><br>„Et wor mol en Ass an der Abtei Neimënster, ..." *(Gangolf, J. Eppes Neies)* |
| **Polysemie** – Def.: „Bei der Polysemie huet e Wuert verschidde Bedeitungen an d'Komik entsteet wann eng Bedeitung am falsche Kontext gebraucht gëtt."<br><br>Bsp.: "Mais-Staat" oder "Mice-Staat" *(Gangolf, J. Op der Knupp)* |
| **Sarkasmus*:** direkt/indirekt ironesch Ausso mat verletzender Wierkung<br><br>Bsp.:<br>„jo ziel mir deng Suergen mee nët ze vill,..." *(Gangolf, J. Agedréckt Andréck)*<br><br>„obwuel een Kanner hautdesdaags och *ouni Partner ofsetzen kann" (Gangolf, J. Immobilitéitspak) ->Sarkasmus oder Paradoxon??* |
| **Tautologie*:** Verkoppelung vun Begrëffer, déi dat selwecht bedeiten |

| |
|---|
| Bsp.: „D'Wourecht ass souwisou relativ,...“ *(Gangolf, J. Bam Bam)* |
| **Verglach*:**<br><br>Bsp.: „Sinn grad krank, et fehlt mir un Konzentratioun wéi ménger Bank un verständlechen Tariffer.“ *(Gangolf, J. Eppes Neies)* |

**Glossar:**

- Flektéiert[10]: en Wuert, dat an senger grammatescher Form verwandelt ginn ass / deklinéiert / konjugéiert

- Stafreim[11]: déi däitschsproocheg Form vun der Alliteratioun (Unheefung vun Wierder mat gläichen Ufanksbuschtawen); dat benopescht Wierder den gläichen Ufankslaut hunn.

***Auteur vum Dokument:***

Joël Gangolf alias Wicked J.

10 DUDEN. Stéchwuert: **flektieren**. https://www.duden.de/rechtschreibung/flektieren, fir d'lescht den 31.12.19 beroden

11 Wortwuchs. Stabreim. https://wortwuchs.net/stabreim/, fir d'lescht den 31.12.19 beroden